



# WORKSHOP

## Entrepreneurship léieren Entdeckt Programmer fir äert Jugendhaus

D'Entwéckele vu Kompetenzen zum Thema Entrepreneurship ass net just wichteg fir Jonker, déi sech virstelle kënnen haut oder muer eng Entreprise ze grënnen, mee fir all Jonker, déi Skills wéi zum Beispill innovatiivt a kritescht Denken, Kollaboratioun a Kreativitéit entwéckelen, a gläichzäiteg hier finanziell a wirtschaftlech Allgemengbildung férdere wëllen.

Zënter 2005 bitt d'asbl Jonk Entrepreneuren zu dësen Themen Aktivitéite fir Primärschoulen, dem Secondaire an ob Universitätsniveau un, a mécht ab dësem Summer hier Programmer och fir Jugendhaiser op.

Fir dës nei Initiative virstellen, organiséiere mir den 11. Mee 2022 vun 10h – 12h e Workshop fir d'Jugendarbechter:innen. Bei dëser Geleeënheet gitt dir méi zu den ugebudene Programmer gewuer, kënt äi Froe stellen a kritt d'Méiglechkeet iech direkt fir déi eng oder aner Aktivitéit unzemellen.

D'Programmer déi am Kader vun dësem Wokshop presentéiert ginn, sinn de „Junior Project Award“, eng punktuell Kompetitioun wou all Jugendprojet kann ugemellt ginn, de Projet „Fit For Life“, bei deem déi Jonk ee wichtegen Iwwerbléck iwwert hier perséinlech Finanze vermëttelt kréien, an de Programme „My First Enterprise“ bei deem déi Jonk a kléngen Ekippe mat engem klénge Startkapital hiren éischte Business op d'Been stelle kënnen.

Mir freeën eis Iech den 11. Mäi zuelräich begréissen ze kënnen.



### Wéini:

Méttwoch, den 11. Mee 2022  
vun 10h – 12h



### Plaz:

Siège vum DLJ  
87, route de Thionville - L-2611 Luxembourg

Umeldung



bis den 29.4.2022 iwwert folgende Link:  
<https://forms.gle/U2oBR5VjCmZKknSy5>



DAACHVERBAND VUN  
DE LËTZEBUERGER  
JUGENDSTRUKTUREN

